



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L - 2338 Luxembourg

Luxembourg, le 31 août 2021

Agent en charge M. Armin Skrozic
Tel : 247 86122
Courriel : armin.skrozic@mt.etat.lu
Référence interne MT/SA/QP/QP N°4334

Concerne : Question parlementaire N°4334 de l'honorable Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**Pour le Ministre du Travail, de l'Emploi et de
l'Économie sociale et solidaire**

Tom Oswald
Coordinateur général

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft
Dan Kersch, vum Här Minister fir sozial Sécherheet Romain Schneider an vum Här Aussen- an
Europaminister Jean Asselborn op d'parlementaresch Fro n°4334 vum honorablen Deputéierten Jeff
Engelen**

Ad. 1

Den Délai erkläert sech doduerch, datt fir all Land eng Ratifizéierung vun der europäescher Sozialcharta och héich administrativ Opwänn mat sech bréngt well all national Gesetzer mussen ugepasst ginn fir datt se konform mat der Charta sinn.

Ad. 2

Wat d'Artikelen vun der Charta ugeet, esou gouff d'Kompatibilitéit mat dem lëtzebuergeschen Code du travail gekuckt. Esou sieff betreffend dem Artikel 4 Paragraphe 4 dorop opmierksam gemaach, datt den Code du travail wuel bei der Résiliatioun vun engem Aarbechtskontrakt raisonnabel délais de préavis virgesait, allerdéngs ginn et Fäll wou den Aarbechtskontrakt och ouni délai de préavis résiliéiert ka ginn, notamment bei engem licenciement avec effet immédiat pour faute grave, mee awer och am Fall wou de Salarié beispillsweis keen Urecht méi op Krankegeld huet, wann hien seng Rechter op Krankegeld erschöpft huet (Art. L. 121-6 fin de plein droit du contrat de travail le jour de l'épuisement des droits du salarié à l'indemnité pécuniaire de maladie, soit après 78 semaines de bénéfice de l'indemnité pécuniaire de maladie).

Folglecherweis hätt eng Akzeptatioun vun deem Paragraphe vum Artikel 4 als Konsequenz, datt den Artikel am Code emgeännert misst ginn. D'Sozialpartner missten sech awer am Virfeld zu esou enger Ännerung positionnéieren.

Betreffend dem Artikel 6 Paragraphe 4 stellen sech och eng Rei vu Probleemer hinsichtlech dem Streikrecht esou wéi et zu Lëtzebuerg exercéiert däerf ginn.

D'Streikrecht ass zwar selbstverständlech ë fundamentalt Recht wat zu Lëtzebuerg duerch d'Konstitutioun an och international Konventiounen garantéiert ass, par contre, ass a verschidde Secteuren d'Streikrecht och reglementéiert an et ass och virgesin, datt gewësse préalabel Prozeduren mussen respektéiert ginn.

Am Code du travail beispillsweis ass d'Recht fir ze streiken strictement encadréiert. Effektiv, ier d'Salariéen vun engem Betrib streiken dierfen, muss fir d'éischt den Office national de conciliation (ONC) saiséiert ginn an et muss eng sougenannten „procédure de conciliation“ entaméiert an respektéiert ginn. D'Zil vun dëser Démarche ass et natierlech eng Schlichtung am Streit tëscht dem Patron an de Salariéen ze fannen an déi duerch en Accord ze formaliséieren.

Doniewt sieff och nach erwänt, datt zu Lëtzebuerg den Lock-out, also d'Fermeture vun engem Betrib déi op initiav vum Patron décidéiert gëtt als Äntwert op e Streik vun senger Salariéen, net reglementéiert ass.

En aanere Secteur wou d'Streikrecht och encadréiert an sugger limitéiert ass, ass beispillsweis den ëffentlechen Déngscht. Agenten déi am ëffentlechen Déngscht schaffen, dierfen nëmme streiken nodeems eng „procédure de conciliation obligatoire“ respektéiert gouff. Den Encadrement vun deem

Streikrecht ass wichteg, well den bon fonctionnement vum Staatsapparat zu all Moment bestoë muss. D'Gesetz gesait och vir, datt d'Regierung den verschiddenen Ministeren erlaben kann dat ganzt oder just en Deel vum Personal ze requisitionnéieren.

Ad. 3

En interministeriellen Aarbechtsgrupp wäert dës an och aaner Froen, déi sech am Kontext vun der Ratifizierung vun der Charta stellen, traitéieren.

Ad. 4

Effektiv geet aus dem Austausch mat de 15 Länner déi dëse Protocole additionnel bis elo ratifizéiert hunn kloër ervir, datt d'mise en place vun engem sougenannte „système de réclamations collectives“ vill Défauten opwéist, et gouffen vill Abusen vun deem System festgestallt, de System géiff wéinég Flexibilitéit erméiglechen an et gëtt och op d'Schwieregkeet higeweisen fir déi deels exzessiv Recommandatiounen emzesätzen. D'Regierung ass der Meenung, datt ier een de Protocole ratifizéiert, fir d'éischt eemol gemeinsam mat de Sozialpartner ë lëtzebuenger Konzept vun engem „système de réclamations collectives“ misst diskutéiert an ausgeschafft ginn.